


# A propos 6 - Entrevues au Ministère et avec les fractions politiques

## <u>Sujeten déi mam Ministère an de Fraktiounen diskutéiert goufen</u>

### Gehälterreform betreffend den Ingénieur Technicien an hir Ëmsetzung am Gemengesecteur

### Geplangten Etude iwwer d'Primen am ëffentlechen Déngscht

Den Inneminister a Minister vun der Fonction publique huet eng Etude iwwer sämtlech Prim'en am ëffentlechen Déngscht ugekënnegt, déi no der Ëmsetzung vun der Gehälterreform soll gemaach ginn. D'ALBSC huet um Inneministère gefrot, fir bei dëser Etude mat agebonnen ze ginn, ënner Anerem fir datt folgende Sujet'en Rechnung gedroe gëtt:

- **Kleedergeld**

Et steet ausser Zweiwel, datt dem Ingénieur Technicien am kommunalen Déngscht, deen dagdeeglech a bei alle Wiederkonditiounen op Chantier'en ënnerwee ass, fir do d'Interesse vu senger Gemeng ze vertrieden, an do der Gefor ausgesat sech säi Gezei kabott ze maachen, och Kleedergeld zousteet. Dëst gouf och schonn an enger Rei vu Gemengen ëmgesat a vum Inneministère approuvéiert.
Dat Ganzt baséiert op enger Regelung vum Staat, déi leider nach net an de Gemengesecteur transposéiert gouf. Dëst bréngt mat sech, datt eng Rei Schäfferéit sech hannert där gesetzlecher Lacune verstoppen, an hirem Beamten des Prime onberechtegterweis virenthalen.
D'ALBSC fuerdert, datt déi staatlech Regelung iwwer e groussherzoglecht Reglement och bei de Gemenge verbindlech agefouert an iwwerschafft gëtt.
Den aktuelle Montant vum Kleedergeld, dréit a kengster Weis de Käschte Rechnung, déi een huet fir sech dat Gezei ze ersetzen, wat een sech um Chantier kabott mécht.
D'ALBSC fuerdert dofir fir de Bachelor scientifique eng adequat Upassung op e Montant dee senge Funktiounen a Risiken um Terrain Rechnung dréit a proposéiert e Kleedergeld vu 5 Punkte pro Mount.

ALBSC a.s.b.l. 2, rue Kiem L-5410 Beyren http://www.albsc.lu Have a look @
Tel : 691420283 Fax : 760031-326 Mail : president@albsc.lu
R.C.S. Luxembourg F9878 CCPLLULL IBAN LU31 1111 7027 3870 0000




**Secherheetsdelegéierten**

De Moment sinn eng grouss Zuel vun Ingénieurs Techniciens op de Gemengen nieft hiren eigentleche Missiounen och mat der Funktioun vum Sécherheetsdelegéierte chargéiert. Den Délégué à la Sécurité dans la fonction publique an seng Responsabilitéit gouf am modifizéierte Gesetz vum 19. Mäerz 1988 betreffend der Secherheet an der ëffentlecher Funktioun kloer definéiert. Dëst Gesetz gesäit ënner Anerem vir, datt e groussherzoglecht Reglement eng entspriechend Décharge definéiert, déi et dem Sécherheetsdelegéierten erméiglecht seng Tâche korrekt auszeüben. D'ALBSC stellt fest, datt leider no 27 Joer dëse Reglement grand-ducal nach ëmmer net geholl gouf, an esou keng kloer Regelung um Terrain besteet.
Doriwwer eraus steet et ausser Zweiwel, datt dës Funktioun eng enorm Responsabilitéit mat sech bréngt. Dëst misst zumindest zënter der Affaire Steesel mat de bekannte juristesche Suite jidderengem bekannt sinn.
D'ALBSC fuerdert datt schnellstméiglech de reglementaire Kader fixéiert gëtt a proposéiert an engem Aarbechtsgrupp eng Virlag fir en deementspriechend groussherzoglecht Reglement auzeschaffen. Doriwer eraus fuerdert d'ALBSC fir all Sécherheetsdelegéierten, deen dës Funktioun nieft senger normaler Missioun operluecht krut, eng Prime de grande Responsablilité vu 50 Punkten.

**Astreinte**

Den Ingénieur Technicien an zukünftege Bachelor scientifique ass mat der Situatioun konfrontéiert, datt en och ausserhalb vu sengen normalen Aarbechtszäite fir säi Patron muss erreechbar si fir dringend Problemer kënnen ze léisen, sief et bei der Drénkwaasserversuergung oder awer bei Pannen op den aneren Infrastrukturnetzer. Doriwwer eraus ass den Ingénieur Technicien och e permanenten Uspriechpartner fir de Bierger.
D'ALBSC bedauert, datt déi aktuell Gesetzgebung der Situatioun um Terrain a kengster Weis méi Rechnung dréit an den Ingénieur Technicien nach net explizit virgesin ass, fir an de Genoss vun enger deementspriechender finanzieller Entschiedegung ze kommen.
D'ALBSC fuerdert an dësem Zesummenhang datt den deementspriechende Reglement grand-ducal schnellstméiglech ugepasst gëtt an den Ingénieur Technicien, deen enger Astréinte ënnerläit eng fixe Prime vun 22 Punkte kritt.

**Iwerstonnen**

Och wann d'Iwwerstonne laut Statut fir e Beamten d'Ausnahm duerstellen, sou ass et fir den Ingénieur Technicien awer des Öfteren am Kader vu sengem Aufgaben onerlässlech, de Service och no Feierowend iwwer déi normal Dengschtzäit eraus ze assuréieren. Déi aktuell Modalitéiten déi am modifizéierte Reglement vum 3. Mee 1991 festgehale sinn, gesinn awer just eng Indemnisatioun op Basis vum Grad 9 vir an droën net dem entspriechende Loun vum jeeweilege Beamte Rechnung. Dëst féiert derzou datt Iwwerstonne mat engem inacceptabelen Taux remuneréiert ginn. D'ALBSC proposéiert zukünfteg d'Iwwerstonne gemäss dem reelle Stonneloun ze entschiedegen an doriwwer eraus d'Suppléménten un d'Regelung vun de Salariéen unzepassen.

ALBSC a.s.b.l. 2, rue Kiem L-5410 Beyren http://www.albsc.lu Have a look @
Tel : 691420283 Fax : 760031-326 Mail : president@albsc.lu
R.C.S. Luxembourg F9878 CCPLLULL IBAN LU31 1111 7027 3870 0000

## De Service Technique als 3. Pilier vun enger Gemengeverwaltung

Et ass erstaunlech, datt mëttlerweil ronn 300 Ingénieurs Techniciens am Gemengesecteur beschäftegt sinn, mee datt déi modifizéiert Gemengegesetzgebung vum 13. Dezember 1988 de bestehenden 3. Pilier an der Gemeng a Form vum techneschen Déngscht net kennt. De facto gëtt et am Gemengegesetz just de Gemengesekretär an de Gemengeneinnehmer, mee och iwwer de aménagement communal eraus kann eng modern Gemeng ouni e performante Service Technique haut des Daags net funktionéieren.
D'ALBSC bedauert dass eng Upassung an dësem Sënn nach net erfollegt ass an proposéiert dass eis Carrière souwuel an der Loi communale ewéi och an der Loi vum Aménagement communal an den Texter ageschriwwe gëtt.

## Iwerwaachung vun de Chantier'en am Kader vun de Baugenehmigungen an den Energiepäss

Ënner sengen alldeegleche Missiounen ass den Ingenieur Technicien och konfrontéiert mat der Iwwerwaachung vun de Baugenehmegungen. Leider gesäit den aktuelle gesetzleche Kader net di néidege juristesch Kompetenze vir, fir dës Missioun schnell an adequat ze erfëllen. Bei Feststellung vu Verstéiss zur der Baugenehmegung oder dem Energiepass ass et dem Ingénieur Technicien weder méiglech den Accès op de private Chantier ze fuerderen, nach eng Fermeture de Chantier ze prononcéieren. Och mat der Ënnerstëtzung vum Buergermeeschter ass eng schnell oft wichteg Fermeture net méiglech, mee den ëmständleche Wee féiert iwwer e Procès verbal bei der Police grand-ducale. Et ass esou eng komplexe Matière, dass eiser Meenung no just den delegéierte Beamte vun der Bautepolizei de Constat ka maachen.
An dësem Kontext ass fir d'ALBSC eng Kompetenz vum delegéierte Bautepolizeibeamten als Officier de police judicaire längst iwwerfälleg. Staatlech Verwaltungen ewéi Gewerbeinspektioun, d'Ëmweltverwaltung an d'Naturschutzverwaltung, fir der just 3 ze nennen, hunn des Missiounen an de respektive Verwaltungsgesetzer fir Kollegen aus eiser Carrière virgesin.